Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

Grupp St Christophe
Beggen

www.beggenerscouten.lu

Beggen, den 28. Januar 2012

Léif Elteren, léif Scouten

Wéi all Joer hun mir och dëst Joer erëm eist traditionellt Buergbrennen. Mir invitéieren iech alleguerten, op jonk oder al, fir dat de **26. Februar 2012 um 20.00 Auer** zu Beggen beim Fussballsterrain kucken ze kommen.

Dëst bedeit awer och erëm vill Aarbecht, a mir wäre frou wa jidderee kéint hëllefe kommen.

Héi elo e puer Datumer, wou mir frou wieren, wa vill Leit do wieren, déi eng kräfteg Hand mat géifen upaken:

- **Samsden, den 11. Februar 2012:** Rendez-Vous um 09.00 Auer um Home fir d'Beem an de Bësch machen ze goen, d'Plakat opzeriichten an d'Lächer ze buddelen.
- **Mëttwochs, de 15. Februar 2012:** Rendez-Vous um 17.00 Auer zu Steesel beim Dachdecker Marco Rollinger fir Palette sichen ze goen. Hei gi ganz vill Leit gebraucht!!
- **Donneschdegs, de 16. Februar 2012:** Rendez-Vous um 17.00 Auer zu Walfer beim Dachdecker Marco Rollinger fir Palette sichen ze goen. Hei ginn och ganz vill Leit gebraucht!!
- **Samschden, den 18. Februar 2012:** Rendez-Vous um 14.00 Auer zu Beggen hannert der Schoul. Mir ginn ophiewen a Flyeren ausdeelen.
- **Freidegs, de 24. Februar 2012:** Rendez-Vous um 17.00 Auer op der Plaz beim Beggener Fussballsterrain fir d'Buerg opzeriichten.
- **Samsden, de 25. Februar 2012:** Rendez-Vous um 9.00 Auer op der Plaz beim Beggener Fussballsterrain fir d'Buerg opzeriichten.
- **Sonndeg, de 26. Februar 2012:** Rendez-Vous um 9.00 Auer op der Plaz beim Beggener Fussballsterrain fir d'Buerg opzeriichten.
- **Samschden, den 3. Mäerz 2012:** Rendez-Vous um 16.00 Auer op der Plaz beim Beggener Fussballsterrain fir d'Buergplaz ze botzen.

Mat beschte Scoutsgréiss

Ries Roland